



PERSO'NEN:

1. De Mononk Pir. *Goedert Christ*
2. Den Här Frank, Scho'lméschter. *Hoffmann*
3. D'Mattant Nann, dem Pir seng Schwe'esch. *Welter Vic*
4. D'Julie, hir Nies. *Dahn Gast*
5. Den Australier. *Dominic*
6. En âle Petter, dên net lues he'ert. *Dominic*
7. De Pôl Stoltz. *Dahn Emil*
8. De Schleckjang. *Dahn Valentin Wagner Jng*
9. E klengen Neger. *Stoffman Olof*
10. Musikanten. — Duerfleit.

(D'Stëck spillt weißen O'schterdäg op engem gre'ßeren Duerf, an der Mattant Nann hirer Wirtsstuff.)

MUSEK:

1. Tusch.
2. D'Hémecht.

ALL RECHTER VIRBEHALEN. — Eng Opfe'rong o'ni schrëftlech Erlabnes vum Verlag fällt ênner d'gesetzlech Strofen.



1. Optrëtt.

(Eng feiner Wirtsstuff. De Scho'lméschter Frank, 25 Jôr onggefe'er, matt enger klenger Valise niewent sech, d'Box eropgeschuert, we' wann en vun enger Rës ke'm. De Mononk Pir.)

**Frank.** Mä, Här Pir, ech si wirkelech ganz paff — ech gin net klug aus dêm, wät der mer alles verzielt.

**Pir.** An dir Scho'lméschter wëllt den âner Leit Verstêdemech beibrëngen! . . . 't gët dach well ächt Dô vun neischt ânescht me' geschwät.

**Frank,** Exkuse'ert — ech kommen elo grad vum Eng-Auer Zug, we' der gesitt, an aus dem ieweschten E'slek.

**Pir.** An do sollten se nach neischt dervu gewur si gin? . . Ech denken, 't wir dach schon e Landgeschrei.

**Frank.** Löst he'eren: We'ne' aß dann dên Do'denziedel vum Australier eigentlech ukomm?

**Pir.** Gre'ngendonneschteg (*hëllt eng Schnauf*). Der huet jo eng matt, Här Frank? . . . 't aß eng belsch, dät hei, an dër kritt der net all Däg eng ênner d'Nues geriwen. . . . Mä, wät wollt ech sôn? . . . 't gët engem heianzdo eso' kurje's am Kapp matt dâr dommer Geschicht. . . . Aha . . . Gre'ngendonneschteg, den Do'debre'f . . . a Chuersamschteg, kre'e mer dên drôleche länge Bre'f, alles gedreçkt, matt all dêm Gerechens, wo' Null bei Null am Enn opgo'ng. Op Englesch natirlech. . . . An dêm Lo'derland kënnten s'och alt o bëßchen Deitsch oder we'negstens Franse'sch schreiwen, mengt der net, datt mir âner Knubberdullessen och eppes verste'ngen. . . . So' e gelungenen Ziedel.

**Frank.** Wät stong dann do dropp?

**Pir.** Op'm Do'denziedel, mengt der?

**Frank.** Maija.

**Pir.** Wät sollt dann änescht op engem Do'denziedel stoen, ewe' daß ämescht do't a gestuerwen aß! 'T wor trotz allem e gelungenent Schrëftstëck fir en Do'debre'f. . . Uewen an der Mëtt, do luest eng Eil op engem Do'dekapp. An ënnen wor eppes ewe' e Se'áf, dem sei Schwanz aß dëck schwärz ronderem gâng an huet de ganze Musëk agebärt. . . den To'ni behápt, dát wär den australeschen Deiwel! (*Rëselt de Kapp.*) Nujé, wát an *engem* Land modern an héleg aß, géllt an dem äneren verëckt an hédnesch. . . Lo liesen ech grad an de Missio'nsbicher hei vun engem schwärzen Heiptleng, den dët Manschetten an d'Bën an op dem Hutt dre't en zwo' Zennbischten. Mei Schwor, den Australier, wor allzeit e Quote gewiescht, wëßt der, önnert ons zwé gesot, eng durchdriwe Se'l. (*Hëllt eng Schneifchen.*) Gott géff em d'e'weg Ro'h. . . Mur verjährt et sech nês, daß en an dát nidderträchtigt Land gezunn aß.

**Frank.** En hát sech dach e sche'nt Verme'gen do eruewert, huet et gehëscht.

**Pir.** Huet et gehëscht, huet et gehëscht! En Dickelchen hát en! . . . (*Ereifert sech.*) Do gin ech ålen Dábo a stëen him dem Franzo's seng doll Villa beim Bësch do uewen, a verbierge mech fir en. . . En huet se misse parforce hun, obschon daß se ëmmerhin 3000 Frang ze deier aß. . . Lo stierwt en a mecht sech eweg, a meng puer Dibbelcher gi flëten!

**Frank.** 'T aß kaum ze glëwen! D'Leit soten, en hätt Schöffer un Rhein goen.

**Pir** (*se'ht d'Schëller*). Lauter blanne Mannöver! . . Jidder Hëschejong, den iwert de große Pull schwëmmt, muß op d'manst Millionär gin! (*E gët onro'eg hin an hir, en hippt eng Grimmel.*) Mä, 't mißt en et gesin hun! . . . 'T aß fir groß Hôr ze kre'en; an ech hun der, mei wärreg, de' zeng Dè elei kritt! Ech hát ëmmer eso' eng Mënong. E wor mer ze dëck do, an ze licht, an flingerflang mat den Dåleren! 'T soll nie eso' gewiescht sin, ewe' en ons et virgeblosen a virgemólt huet.

**Frank.** Dir donkt dem Australier secher Onrecht, Här Pir. So' vill att ech aus senge puer Bre'f uertële konnt, dir wëßt, vir zwé Jôr, we' en de' sechs Preiße fir de' bescht Scho'lkammer gestëfft huet. . . (*'T kënnt en åle Petter a frët eng Dröppchen, de' de Pir zerwe'ert; en aß härthe'ereg.*)

**Pir.** Do gesitt der, we' recht ech hun, alt rëmm d'Geld an den Dreck geheit. . . an de' dausend Frang fir d'nei Kirech . . . a we' den Notär dër åler Liß aus der Gassel wollt d'Haip iwert dem Kapp verstëen, du ho'sch et op emol, 't aß dem Australier seng, an de' Zara gët nach ënmer ewe' ès heieruechter d'Leit ze beklåken -- soß wär se matt Gelömp op d'Ruem kommt, de' Ke'er. . . So' gët en de Sue laß, an 't huet en de Gestank fir den Dank! (*De Petter mecht eng un, spëzt d'O'er a schmunzt, wann de Pir him de Rëck dre't.*)

**Frank.** Wo'raus schle'ßt der dann, datt e soll glát a guer neischt me' hun?

**Pir** (*mat enger Gest vun Onggedold*). Mä, aus dem Bre'f vu Samschtes, lo soen ech et firt drëtt. (*Sëzt sech no bei de Frank, de Rëck zum Petter.*) E ganz gelungene Bre'f erëni, ditto op Lo'derenglesch. Reie vun Zuelen, matt allerhand Geschriffs dertëschent. . . A wát der Säch d'Kro'n opsetzt: *un hien selwer adresse'ert!*

**Frank.** U wien?

**Pir.** U mei Schwor, den Australier.

**Frank** (*erstaunt*). An dir hutt en opgemàcht?

**Pir.** Wien dann sollt en opmàchen? Sollt ech him e vleicht matt an den Dall Jo'saphat huelen?

**Frank.** Wo' aß en?

**Pir.** Wien?

**Frank.** Dè Bre'f.

**Pir.** Oh, wann en net beim To'ni aß, da wärd en alt beim Här Paschto'er oder beim Ponzius Pilatus erëmschwiewen! Wát wës ech! Dát aß jo fir aus der Haut zu fueren! Ons Fråleit háte keng Ro' dermatt . . . gehault an sech gestallt . . . an d'ganz Duerf huet missen d'Nues dra stiechen. . . Wann nach jidderé sei Biesem he'l a sein Dreck ewegsto'ßen de't.

**Frank.** A wien huet dät alles aus dem englesche Kröm  
erausgefëscht?

**Pir.** D'Oräkel vum Duerf, frot nach! De Ruppesch To'ni!

**Petter.** Den To'ni wor läng Zeiten op engem Schëff, do  
hun se neischt ewe' Englesch gekallt.

**Pir.** Ech duecht, den do ge'f net lues he'eren! . . Lüsfox,  
och alt!

**Frank.** De Ruppesch To'ni! (*Lächt.*) Hannert dem hätt  
ech alles ewe' kê Schrëftgele'erten gesicht.

**Pir.** Opgepaßt, Här Frank (*weist op en*), en aß nach e  
bëßelche Familje mam To'ni.

**Petter.** Abeng, wann der dät mengt, den To'ni, loßt iech  
et gesot sin, aß nach läng net op d'Nues gefall, wann  
en och kê Brëll un enger Schno'er dre't . . . an ech  
loßen neischt ge'nt en opkommen, nach 'well vu ken-  
gem. An hien an den Här Pasto'er hun dät selwecht  
op en Hör nos erausfond . . . Eren Adolf, den lo do't  
aß, hätt an Australien mol net me' eso' vill we' dät  
Schwärtz vu mengem Nöl.

**Frank.** Hm. . . So' eng Katastroph a sengem Geschäft. . .  
't aß net unzehuelen.

**Petter** (*spëtzeg*). Mengt der? . . . 'T gët nach äner  
Sächen ugeholl.

**Pir** (*be'ß*). Mengen a Botterklappen aß zwéerlê. . . .  
Mächt mech net rösen! (*Zum Frank.*) Mä, Här Frank,  
den Do'denziedel mißt der gesin hun; dir ge'ngt soen,  
e wëllt ons halwer uzen.

**Petter** (*fällt an d'Ried*). Jo, 't wor allewës e Quotenen. . .  
En hät de' ro't Buschten net fir neischt. . . Ro'de  
Bärt, schlechter Art, we' soen d'Leit. . . En huet  
mir me' we' eng Ke'er de Längbirebâm hannert dem  
Haus gefët, dè Schuftgen! (*Lächt.*)

**Frank.** Bo'westrëch, wät wëllt der! . . . Sollt dir dann  
nie engem un d'Biren oder d'Äppel gänge sin. D'Bëm  
si fir d'Jongen dropzeklappen, zemol wann se sech  
uewe kënne fir hir Ustrengong bezuelt machen. . .  
Mä, Här Pir, no dene Bre'f, de' en em Neijorscdäg  
iwer d'Villa geschriwen huet —

**Pir.** Alles op d'He'chst, no senge Plangen! Dät geheit è  
jo nëmnen! An ech Tôpschwanz gin a loßen em nach  
eng Marberveranda dru bauen. Elo kann ech mech un

dè sche'ne, gepirplechte Marber sät lecke gon. Ech Ee-  
fallt sein Eefalt!

**Petter.** An d'Joffer Julie da matt hirer versprachener  
Rent vu 25 000! . . . 'T aß hir och alt secher net  
gemengt.

**Pir.** 25 000! Aalen Tôzert. . . . (*Zum Frank.*) D'äremt  
Kand! Et dët mer am lédsten fir hatt. Lo ge'f et Ge-  
hânsdäg 21 Jôr ál, an 't kënnt . . . 't hätt kënnen eng  
besser Partie machen.

**Frank.** Den Turens Jäng brauch net no de Suen ze froen.

**Pir.** Dën!! . . . Schwärtz mer net vun dem Bëlles. (*Eng  
Schneifchen.*) Dät mecht è bei der ganzer Geschicht on-  
dugen. Heit, huet eng matt, Här Frank. . . Eso' e  
Flabbo ewe' den setzt der kaum me' op zwé Stempelen.  
Géng der son, e wär sech d'Bè bäl stompech geláf  
fir meng Nies, an ech wor de Monni Pir hei an de  
Monni Pir do; ho! — de' Reverenzen an Zervitär an  
ënnerdengen Denger murjens an owens, a Schmach-  
lappert de ganzen Däg. — Hätt ech gesot: Jäng, huel  
mir de Kirchhinnchen erof, e wär ênzock de Kulang  
ausgeklomm! Zënter datt e vun deser Säch gewuer go'f,  
setzt kê Fo'ß me' bannen d'Hausdir, a wa mer ons  
par hasard bege'ngen, da rëkt en scheiles lãnscht, we'  
wann en Aaner him eppes zu Lédz gedun hätt.

**Petter.** De Jäng huet äwer och eng schie' Säch.

**Pir** (*ënnerbrecht*). De' soll hie besuergen a festhålen,  
datt kën him so frëßt! . . . Mä, meng Schwe'esch an  
d'Joffer Julie soll en aus sengem éfållegen Mond loßen.  
Wät got en doerëmmer klabauderen. So' eng Gro'ßar-  
teggët hätt missen eng Ke'er kre'en. (*Gët opgereggt op  
an of.*) Dën Tuddeljang! Ewe' wann et hien e ro'de  
Su kascht hätt. . . . Krenondikabes! elo kënnt grad  
nach è vun der nobler Sippschaft, dem ech och giren  
eppes Säfteges matt menge fënnel Griffelen géng an  
d'Fratz schreiwen! (*D'Dir gët op.*)

**Frank.** De Pöl Stoltz?

**Petter.** Och alt è vun de reiche Freieren!

## 2. Optrëtt.

(*De Stoltz trëtt e bëßelchen ongene'ert a wandbeideley op,*

*kuckt sech am Spiegel, mecht d'Hör noenèn, lâcht vill, an aß opfälleg gekléd.)*

**Pôl.** Bonjour dir Hären. . . Do hu mer emol e bessert Wieder. E Pättche Be'er, wann ech gelifft. . . Ah, den Här Scho'lmëschter! (*Gët em d'Hand nochle'ßeg.*) Schon aus der Vakanz erëm? . . . 'T wärd alt elo nês schwö'er fâlen, an d'Râd ze goen?

**Frank.** Hei am Duerf huet ên d'Léd gutt härden, Här Stoltz. 30 Kanner an der Scho'!

**Pir** (*vum Comptoir aus*). De' schons haut drei Mol me' wëtzig sin ewe' hir Papp!

**Pôl.** Mä, ech hun eppes verlauden he'ren, dir hätt iech no Esch gemellt?

**Frank.** Ech sin derfir ugesprach gin, so' vill aß wo'er; 't aß wuel dreimol me' Arbecht do ewe' hei.

**Pôl** (*lâcht opfälleg*). An och dreimol me' Gehalt, net dir? Keng schlecht Spekulatio'n. . . D'Arbecht gët de Suen no. . . A mei Papp kann alt e gutt Wuerd fir iech beim Inspektor alëen.

**Pir** (*setzt de Be'er virun en*). Gebâke Biren och! D'Inspektren lauschteren haut net me' op jidwer Hännes a Klôs.

**Pôl.** A wuerfir dann net?

**Pir.** Well se Hännessen an Tôzklösen nolauschteren de'ten! . . . Duerfir!

**Pôl.** Mortjefft. . . dir sitt de Muerge schlecht opgestäuen. . . Oder hutt der vleicht eng Spann an ärer Wäschbitche fond?

**Pir.** Wät soll ech? . . Ech hu mech nach well grad eso' rengleich gewäsch we' dir, wann ech êrer richiger Sêf vu fënnel Su och keng hât! Dir, mat êrem geblumlechte Jilli, dêr Spärketten drop, an êre schafgiele Schong, verstitt der?

**Pôl** (*verlëen*). Mä, ère Be'er hei, den huet sech haut och net gewäsch, Här. . . De' rengsten Eilen (*bruuht!*) Hei si fënnel Mark, an da gin ech, wo' ê keng eso' Gesicht geschnidden a Komplimenten gedre't krit.

**Pir.** Mengt der, ech ge'f iech fir drei Su de' Fatz elo wießelen?

**Pôl.** Gutt, da krit der drei Su durch d'Post geschëckt.

**Petter.** Wärt, Pôl, ech gi matt!

**Pôl** (*zum Pir*). Dir sollt et vleicht bereppsen, dat do, glêft mer es!

**Pir.** Dongt iech nëmme kën Zwank un!

**Frank.** Allez, sieft keng Kanner. . . kuckt emol, we' d'Sonn era lâcht. . . Här Stoltz, huet erëm Plâz.

**Pôl.** Dê Grobianes a Rächteraues elo mat senger affronte'arter Riedensart ka mer am hellen Dô gestuel gin. . . E geseit, mech net me' heibannen. . . a meng Kommeroden hoffentlech och net.

**Frank,** Dajé, dajé, dir Broselkäpp! . . Bis derno beim Concert, Stoltz.

**Pôl.** Äddi, bis derno beim Felten!

**Pir.** Meinetwegen gitt wo' de Pfeffer wißt!

**Pôl** (*ke'ert sech em an der Dir, lâcht spëttech*). Wo' de Pfeffer wißt?! Dät wär jo dohannen no bei Australien, mengt der net, hahahaha! Neischt fir ongguit! (*Of.*)

### 3. Optrëtt.

**Pir.** Eso' e Lâzpeel!

**Frank,** Dir word ower och ugrëffeg an hutt e provo-ze'ert, Här Pir.

**Pir.** Ech mache, wät ech fir gutt hälen! De' Mëschtknoll! . . . Wuerfir dreiw't en ên op de Bâm? . . . Mat senger widerlecher, kallefzecher Lâch! . . . En huet me' Schold am Bockel ewe' den Hond Fle' em Ro'kesdäg. . . An ech glëwen, en duecht, mat de Sue vun der Joffer Julie kënnt en erëm op dreche Land kommen. . . Mä en huet sech geschnidden, an ech kann dem Flantes et gutt vergonnen, datt en elo aus de Wolleke gefall aß mam Blo'sen an den Dreck! D'Joffer Julie hât e gieren. . . ech hun nie begraff wuerfir. . . wie ge'f klug aus Frâleitsideen! . . O, hie ka schwätzen a ble'melen we' kën Zwëten. . . a sängt och nach well sche'n am Cho'er, 't muß ên him et loßen. . . mä ze hârt an ze he'ch. . . D'Farw um Plafong kënnt an d'Wibbelen, wann en de Manificat laßle'ßt. Awer en aß mer partout ze schmanteg, ze gladdereg an ze mauseg! (*D'Klack laut.*)

**Frank.** Elo laut et schon fir d'E'scht an d'Vesper.

**Pir.** Gott sei Dank, daß der de Mët'eg erëm den Harmonium spillt. Dem Koschter sein The'dor huet op O'schtersonndes e Getuddels a Gedruddels drop gefe'ert, 't huet ê richtig Kre'enàn an d'O're kritt.

**Frank.** A wo' bleiwen dann d'Partie Kart haut?

**Pir.** D'Partien? . . . Mä gesitt dir dann net hannert d'Spillchen? . . . Ech hu schon vir ächt Dêg et gesi kommen.

**Frank.** De Blasi an de Jamper hun ech gesin de Pällem stieche gon . . . de' lescht zwê Sonndeger wor et jo Wieder, 't hätt ê kên Hond baußen d'Dir gejoj.

**Pir.** 'T ka sin. . . De Felten do ennen huet de Profit dervu matt senger neier Kêlebun. . . Gummiskêlen a Klatzen! Wann et dène Raudien nëmme genug rubbelt! . . . Elo gêt nach de Concert viru sengem Haus gespilt —

**Frank.** De Concert viru sengem Haus! . . . A wien huet iech de' opgehâng? . . . Dê gêt dach no âler Traditio'n Weißeno'schterdäg hei op der Plâz gespilt.

**Pir.** Hutt der dann de Stoltz net verstân? «Bis derno beim Felten.» sot en. Se hun d'Pulter schon dohinner geschlêft.

**Frank.** Dovunner mißt ech als Dirigent dach eppes wëssen.

**Pir.** Uh! meijëmnen a gewaß. Dir mengt, well der d'Se'l eso' hallef an hallef an den Hâptappersmann dervu sitt. . . . Gewëß, fir Stëmnen ze schreiwen a ganz Owenter iech mat de Binnerte'n an Unze'kleken ofzefloen: n . . . tätterätt — n . . . tätterätt, datt iech den He'n-gerraut zur Kopp auslêft; wo'vun dir âwer kê blazzechen Dubbel kritt, an hanneno neischt ewe' Gestank fir den Dank ascheiert! Mei Schwôr, den Australier, huet hin-nen all Jôr 25 Frang gin, an honnert Mark fir den neie Fuendel beigesteiert . . . e wâr jo hautjesdâgs nach net bezuelt. Lo gin der jo net de' Judâßen a spillen hire Concert entzwo's ânescht. An dobei aß virum Felten mol keng Plâz fir zwo' Kâre Fierkelen!

**Frank.** Ech kaun a wëll et net glêwen . . . ech mißt eppes dervu wëssen.

**Pir.** Abeng, da wëßt der partout des Ke'er neischt, Här Scho'lmëschter. . . Der gesitt, ewe' de' âl Kommen ewegbleiwen: dè rengste Komplott!

#### 4. Optrëtt.

(*D'Mattant Nann aß iwerdêms erakomm. schwârz ugedun, Ausgangs ve'erzeg.*)

**Frank** (*stët op a gêt hir entge'nt*). Ah, Madam . . . et dêt mer hierzelech léd, fir iech missen an eso' Emstänn ze treffen . . . 't aß e großt Ongglëck . . . mein de'fst Beiléd!

**Nann.** Merci, merci, Här Frank. Bei iech kënnt et aus oprichtigem Fong. . . Wien hätt un eso' eppes kën-nen denken?

**Frank.** Mir gin eso' dack am Liewen iwerrompelt. . .

**Pir** (*zur Seit, huet d'Schib iwer d'wëlle Kléd iwerge-ströppt*). Lo aß de Schëtzel gezun an d'Gelamentie'ers fle'ßt op en Neis. Wann ên alles wëßt, 't hätt ên Zeit, reich ze gin. . . Mir wâr et allefall fir fënnef Su besser. . . .

**Nann.** Fenk net rëm un ze jauneren!

**Pir** (*fir sech*). An ech hätt meng Pättercher vun der Villa geloß. (*Härt.*) A wie jaunert dann hei? Ech net. . . An lo gêt et an d'Kirech. Haut aß den Hym-nus: Ad regias agni dapes. An dât vum dappes hât ons Bo'wen eng Ke'er e kolossale Spâß gemâch, datt mer hârt matenè gekre'nt hun. . . Mä de Pasto'er huet uns den Dappes ugehang, ech mengen eso! Ech hu mer den Däg zenterhir gemierkt. — Do losse mer ganken. (*Of.*)

**Frank.** Dê gudde Monok Pir, e ge'ng âwer keng Vesper an d'Schanz sche'ßen, nach well net fir eng gelde Ko'.

**Nann.** An d'Mëß muß mer gon, sêt en. Bei der Vesper wâr d'Verde'ngscht bei onser Hârgott honnert Mol gre'ßer, well et op de gudde Wëllen ukënnt.

**Frank.** «Nëmnen dâgt se neischt fir d'Abgestuerwenen,» mengt de Schallek.

**Nann.** De' Affâr mat mengem Brudder huet him e fa-mesen Tuckert gin. Dâg an Nuecht tirmt en dodrun. En aß we' Fixfeier a Glâs. . . Huet en iech alles verzielt?

**Frank.** Maija. . . Well en sech fir d'Villa verbirgt huet, mengt en, e kënnt e puer Su drun henke loßen. . . . Dät wärd em dach kê Bën ausrappen?

**Nann.** Ech fierchten, allen zwê. Ech kann iech et am Vertraue soen, well dir kënnt de Mond hålen. Dem Julie sei Papp hát Pech, a mei Mann aß ze fre' eweg gefall . . . mir stin elo a schlechte Schong an Huesen, Här Frank. Den Australier huet ons zu dêr Vergre'ßerong vum Haus elei gedriewen, an e wollt et op d'Allerhe'chst hun. . . den arme Kirel huet et jo gutt gemengt (*se fänkt un ze kreischen*).

**Frank** (*hëllt hir d'Hand*). Nujê, nujê, Madam. . . Dät elo ge'ng nach grad fêlen. . . Hålt de Kapp dach me' he'ch ewe' eso'. . . Un enger geschitter Sâch aß leider Gottes neischt ze änneren. . .

**Nann.** A ge'nt Härgottswëll soll de Mënsch sech net steipen. . .

**Frank.** Gesitt der, 't kann è sech dra fannen. Lo hèscht et, nach me' dichteg ze schaffen, Madam . . . 't werd scho goen.

**Nann.** 'T gët net, Här Frank. . . 'T kann net. . . . Mei Mutt aß fort. . . 'T aß êmol zevill uereg. . . 'T wor alles ze schê'n am Opgank . . . a mir ware vleicht ze ho'freg. . . Lo ze'en s'ons d'Haut iwer d'O'ren.

**Frank.** A we' kann ên so' onverstänneg schwätzen! . . . wie soll iech daan eppes wëllen?

**Nann.** D'Scholtleit, Här Frank. . . Jidderê brauch seng Suen. . . Mir hun nach vill beim Notär auszemâchen, an de Bert huet e Scholtschein vun ons op 8000 Frang.

**Frank.** De Bert Neelech — 'mä dên aß jo nach, so' vill ech wës, eng Grimmelche Familje mat iech a soll Hand iwer d'Joffer Julie hålen.

**Nann.** Eng propper Familjen, dên. En hätt lo giere parforce sei Geld an drei Me'nt Zeit erëm.

**Frank.** Dê mißt sech dach bâl eng nei Geldschöpp uschâfen! . . . En hun ere'scht dê Schomp vun dem Tandeler Mononk agedun, a vun senger Frâ hirer Mattant aus dem Mierscherdall en Teimer voll Dâleren geierwt.

**Nann.** Duerfir huet et mech aparti me' gefoxt, wo' en elo kënnt a sêt. hie breicht sei Geld, hie mißt «vleicht» den Hierscht nei Gestalls bauen. . . .

**Frank.** We' ên dât sêt, wann ên eppes giren hätt, an 't re'ert ên em de Brei erëm, an 't bekennt ên net gleich d'Farw.

**Nann.** A wann en dât e'schter vu mengem Brudder gewoßt hätt, sot en. . . .

**Frank** (*lûcht*). Ja, wann en dât vun de russeschen Akti'onen och gewoßt hätt, hein? . . . Dê Quötschbeidel, wann ech eso' muß son. . . .

**Nann.** Zënter datt en all de' Pobeiren am Schâf huet, trëppelt en doerëmmer we' op gliddege Kuelen. An sei Märjänn aß kê dëcke Su besser ewe' hien.

**Frank.** Krank muß ên sech lâchen, wann en ufenkt iwerde Polwier ze dëdegen.

**Nann.** En aß heihî gedosch komm ewe' eng Sche'ßerschlâng. D'Äe baußent dem Kapp: «A wuerfir gin ech dât do durch friem Leit gewuer?» an eso' huet de Brê'f lûm an den Hänn geziddert.

**Frank.** Pardon, Madam, dê fatale Brê'f an och den Do'denziedel ge'ng ech giren en Ament beschillêksen. Ech hun am Kollê'sch e puer Maifelcher Englesch erwëscht, ier ech an d'Normalscho'l iwergesiddelt sin.

**Nann.** Da mußt der iech e bëßche gedëllen, ech lâfen êstracks bis an d'Zären dorober. . . D'Kâchen werd dach wëßen, wuer den Här se gedun huet. . . . He, Julie, Julie! . . . Komm bis erof, 't aß kê Mënsch hei ewe' den Här Frank! (*Erëm.*) D'aremt Kand aß ewe' verschôtert, wât huet et dës 8 Dêg eppes ausstoe missen! (*An der Dir no hannenaus, wo' d'Julie erakënnt. Zum Julie.*) Ech lâfen nëmme bis an d'Zären nom Brê'f an nom Do'denziedel kucken . . . . am Nament sin ech erëm. (*Of.*)

### 5. Optrëtt.

**Julie** (*schwârz ugedun*). Bonjour, Här Frank.

**Frank** (*aß hir entge'nt gâng*). Joffer Julie (*e gët hir d'Hand*). Dât si keng gutt Nouvellen, de' ech lo grad he'eren. . . . (*Sie hëllt hirt Nuesschnappech virun d'Äen.*) Nu sieft och eso' wis we' êr Mattant. . . . Ech ka kê Mënsch kreische gesin, zemol iech net, Joffer. Zâpt mer nach e Pättchen Alen. (*Se gët.*) 'T aß è gewint gewiescht, wann ên hir kommt aß, nure Son-

neschein a frèdegen Aen zu bege'nen. . . (Se zer-  
ve'ert.) Kuckt hei, den arme Päckelche Vio'len hun  
ech an onsem Gärt dohém gepléckt . . . an derbei un  
iech geduecht . . . 'T aß eso' eng wärm Plätzchen.

**Julie** (hëllt se a richt drun). De' e'scht Vio'len . . . aus  
dem E'slök . . . Sonneschein a frèdeg Blécker. . .  
Ech kénnt mech blann kreischen . . . daß mer eso'  
léschteg an ausgelöße woren, a mein arme Mononk lo'g  
doiwer krank a vleicht eleng.

**Frank.** Nujé, billt iech net gleich dat Schlémmt an

**Julie.** A wär dat nach alles. . . O Gott. Här Frank.

**Frank.** Ech wès et.

**Julie.** Alles? (Frank wénkt jo.) Da musse mer ons jo  
an den Erdbuedem era schummen.

**Frank.** Ech hālen och! . . . Hutt der engem eppes  
geholl? Oder en do't geschlon? . . . Abeng — — —  
dir sitt jonk a stārk a gescheit — —

**Julie.** A kénnt entwo' eng Plāz als Gouvernante kre'en.  
Net dir, mengt der net?

**Frank.** Dat kénnt der wuel . . . mā. 't handelt sech net  
do drēm. Dir kuckt, daß der e fleißegen a brave jonge  
Mēnsch mat e puer Su an d'Haus kritt. Dir kénnt e  
Stōt fe'eren aus dem ff. . . Mācht iech net eso', ér  
Mattant sol mer et, an ech wès et . . . En dichtege  
Mann werd der scho fannen . . . der braucht jo nēm-  
men ze wielen.

**Julie.** Här Frank, dir schwätzt mat mir ewe' e Papp mat  
sengem Kand. An 't dēt mer gutt, mech mol urdent-  
lech bei engem auszesprieche. . . Meng Mattant mecht  
jo weider neischt we' pinschen a mei Mononk gēt do-  
erēmmer we' de rengste Wierwollef.

**Frank.** Et muß en hie kennen. D'Schuel aß me' rauh  
ewe' de Kir. . . Et dēt him am mēschte lēd we' fir iech.  
datt iech solt en Ongleich gesche'en.

**Julie.** Kuckt, Här Frank, ech hāt Freieren ewe' Bāch  
(licht) u jidwer Fanger drei . . . Als Wēsekand go'f  
ech vu Mononk a Mattant verhātschelt, an hun a  
mengem Lichtsēnn geduecht, jidderēn mißt vu mir  
āgeholl a mir ēnnerdeneg sin. . . A wann ech eugem  
me' e frēndlech Gesicht gemācht hun ewe' dēm āner,  
hätten se sech ēnnerenēn ēmbrēnge kēnnen. . . Elo.

wo' ech ārem sin a keng Dēl op'm Erdbuedem hun —  
(spāßeg) pfütt! — sin d'Villercher all ausgefluen! (se  
licht).

**Frank.** Eso' gefālt der mer erēm. Joffer. D'Lāche stēt  
iech honnert Mol besser ewe' d'Kreischen. . . Wa se  
duerfir net me' erēmke'men, da woren se ērer net  
wiert. Well, wien e Mēdchen giren huet, wāt leit dēm  
un engem Sāk voll Geld!

**Julie.** 'T huet och bei kengem vun alleguren gebierzt. Ech  
wor en eidelt Stēck, Här Frank, an hēmlech amuse'ert,  
se all kēnnen u menger Ketten ze fe'eren we' Mipper-  
cher (licht). Gēt net be'ß iwert mech, ech beichten  
iech alles. . . Dē beschten drēnner wor de Pōl, so'  
duecht ech we'negstens. Mir si matenēn opgewues an  
Nōper. Ech woßt jo, en huet vill, vill Scholden. Mat  
dēnen 25 000 Frang, de' den Australier mir fest ver-  
sprach hāt. hätt ech kēnnen dem ārme Kirel aus der  
Patsch hellefen. . . Wāt en e'o mat mer gemāch huet,  
dāt aß einfach himmelschreiend.

**Frank.** En huet Papp a Mamm ze erhālen. drei Geschwē-  
ster ofzelēen.

**Julie.** Dāt hätt hie mir sollen ēnert ve'er Aen aus-  
ernēn donken. Dann hätt ech gesot: Ech verstīn, mei  
Jong. 't kann net sin; a ge' du dei Wē, we' ech mein.  
Dāt wār dāt Richtegt gewiescht an dāt Sche'nt. Mā,  
goen a spēttelen an doerēmmer fēl ze ze'en. 't wār  
him nēmme fir e we'neg Jux ze donke gewiescht, an  
(hāllt stall). Nēn, ech dārf et net widerhuelen. (Weg-  
werfend) Ah!!

**Frank.** 'T muß eppes Ellenēs sin, denken ech mer. Datt  
eso' Plantessen ēmmer mussen hanneno hir ongge-  
wāsche Meiler spaze'ere fe'eren!

**Julie** (licht). Wēßt der wāt e sot, Här Frank? . . . E sot  
bei hire Wāschfrāen op der Bāch. — d'lāngt Suß aus  
der Hiel huet mer et ānerdāgs rapporte'ert — soll  
ech eraus dermatt? . . . Ech wār, sot en, dēr ofge-  
leckte Botterschmierēn eng!! D'Julie matt de ville  
Freieren. Do ge'ng hien āddi a merci son.

**Frank.** Eso' e Re'mokel! 'T solt ē kēnnen eso' engem  
Gandarme schēcken.

**Julie.** An dāt Sche'nst aß, elo wēllt en neischt gepipst

hun, mä ech hun him meint soe geloß. (*Sprängt un d'Klave'er a spillt e puer Satz, dann rëm op.*) Oh, ech hun d'Hierz eso' dëck! . . . Elo aß et net me' d'Julie mat de ville Freieren, elo aß et aus! . . . An dir hutt iech och vun hei fortgemellt, hun ech he'eren?

**Frank.** Ech vergruechten hei . . . ech hun net genug ze dongen. . . A wär hei net gewiescht. . .

**Julie.** Dann hun ons musekalesch Soiréen och en Enn. . 't wor eso' sche'n.

**Frank.** Jo, 't wor ganz sche'n. . . Zevill sche'n, Joffer Julie. . . 't wore menger fro'ster Stonnen hei.

**Julie.** Well ech iech ëmmer gedun hun Gei spillen zum Klave'er, an de' áner ënnerhålen.

**Frank.** Ech kommt iech beglêden, da wor ech zefridden. . (*No enger Paus.*) Jo Joffer Julie, 't woren dêrer sche'nste Stonnen! . . A we' glëcklech a licht sin ech alle Ke'er gângen. (*Hëllt hier Hand.*) Well, Joffer, trotz ère ville Freieren (*se wëllt hir Hand ewegze'en*), loßt, Joffer Julie, dir wort jo ganz offen mir ge'nt-iwer . . . an ech wëll och neischt bei mir behålen. . . Ech hât iech am Hierze gir, an hun iech haut nach grad eso' gir, kuckt net eweg, an dausendmol me' gir we' du. (*E le'ßt se laß.*) Ech hätt sollen neischt vermierke lo-ßen, mä, 't wor me' stârk we' ech. . . An dir wort so' onglëcklech an eleng, an one' Tro'scht. . . Verzeiht mer, wann ech iech ze no getruede sin an iech we' gedon hun. . . Der hålt mer dach neischt no? (*Paus.*) Ech si fro', daß et eraus aß.

**Julie.** Nën, Här Frank, dir mengt et vill ze gutt mat ons. Ech . . . mir sin iech recht dankbar.

**Frank.** Dann d'Hand drop. . . 'T bleibt ënnert ons . . an 't aß we' net geschitt. . . Ech hu mech missen ausschwätzen. . . Nun denkt alles vu mer we' neischt Schlechtes. (*Se stët traureg do.*) A siefert net niddergeschlon. . . Ech bleiwen èrem Haus an iech en treie Frënd. . . An — an ech denken — ech gin och net fort vun hei. (*Gët se'er of.*)

**Julie.** Här Frank! (*Bleift ston, kuckt him no, a fiert mat der Hand iwert d'Stir ewe' wann s'eppes Schwere wëllt ewegdrëcken.*)

## 6. Optrëtt.

**Julie** (*no enger länger Paus*). Ech dommt, eidelt Stëck. Wât muß ech him we' gedon hun, wann ech mat dënen Aneren gekickelt a gelâcht hun. . . . An hien eso' ganz weis an iescht bliwen aß. . . Huet en net dack mat senge ro'hegen, de'wen Ae mech ugekuckt. . . ewell verstinn ech seng Blëcker. Mä nie e Reproche. A we' zärt huet en ëmmer geschwât, wo' de' áner Lichtflankereien geried hun. . . An ech hun en oft gepengecht dernatt, op en de Verdross lieweg ágeschlëckt hätt, oder Stierengickert wëllt stode'eren. . . Ech hun et verstânen, hien huet mech giren. . . . Mä ech kann, ech därf him keng Hoffnonk mâchen. . . 'T aß en hierzugutte Mënsch, dat hun ech op êmol klar an deitlech ágesin. Ech hun e respekte'ert. . . Mä wann ech en och wirklech gire gehât hätt oder gire kre'ch, ech dierft net me': ech sin senger net wiert. . . De' áner Reich hun sech dënn gemâcht an uechter gezun, ewe' ech árem si gin. . . . Ech muß dach so' nobel sin fir et iwert mech ze brëngen a mir ánzegeston: Ech si me' árem we' eng Môd . . . an den Här Frank duerf keng Frâ huelen, de' kè ro'de Su Ver-me'gen besëtzt.

## 7. Optrëtt.

**Nann** (*zur hëneschter Dir erân*). Elei sin ech, mei Kand.

**Julie.** Den Här Frank aß well grad e Stirmche fort. . .

**Nann.** A we' geseis du eraus? . . Eso' blëch, a wât fëlt dir?

**Julie.** 'T aß neischt, Mattant, — e — mein neie Corset drëckt mech e bëßchen.

**Nann.** Dir jong Mëdercher ze't iech och zo' ewe' de Metzeler d'Wuerschten. 'T soll am Gesetz verbuede sin! — Mä, fir op ons Sâch ze kommen, ech sin him grad op'm Eck bei der Kirech bege'nt, an hun him de Bre'f gin. «Ech lëen en viru mech op d'Uergel,» sot en. «A spillen draus Dribsal o'ne' No'ten,» sot ech. «'T aß alt vleicht net eso' schlëmm we' der mengt, Mattant Nanni,» sot en. «Madam» hëllt en sech erëm. Lo ges de ro'd am Gesicht, Julie, bis an d'Akaul eran.



**Julie.** 'T aß so' wärem heibannen, Mattant.

**Nann.** Jo, 't breicht ê bäl kê Feier me', d'Sonn sche'ngt eso' drall vum bloen. rengen Himmel, d'Beien dauschen ümt d'Hieselter an d'Metzervio'len . . . d'Po'fanken huelen ên dem äner of, datt et Frêd aß fir nozelauschteren. . . Mä, fir op den Här Frank zerëckzekommen. . . 'T aß äwer en treie Knued! . . . Wês de, wät e gesot huet? Kuck heihin, Julie, oder wëllst de mer vleicht net nolauschteren, Töz. . . «'T gêt rêm villes an d'Reih.» sot en. 'T mengt ên, dein Dô'dsurtel ge'ng gesprach, eso' druppsech kucks de dran. «Madam.» pëschtert e mer an d'O'er, «matt dem Här Nêlech sengem Scholtschein, dat kre'e mer ronn; ech hun en Dausender sechs beim Notär, an de' le'nen ech iech!» Da sief och fro' bei eso' enger gudder Nouvelle!

**Julie.** Mir därfen dat net unhuelen, Mattant, ênner kengen Emstänn.

**Nann.** Maija, a wuerfir net, wann et erlâbt aß ze froen? (*Me' lues.*) Ech hât des Dêg zum hêlegen Anto'ni so' vill gebiet, an him eng Bâutercheskirz versprach — ech duecht, et wâr ewe' e Wonner.

**Julie.** Et dierf net sin . . . ech wëll et net. . . Nën . . . nën!

**Nann.** Mä, 't mengt ê wirkelech —

**Julie.** Nën! —

**Nann.** Du rieds jo, we' wanns de de'ts fuerbelen! . . . Denk der, wa mer dem Nêlech seng Dubbelen duerdrêcke kënnten, hei, du Schlëckert, hei, Quötschert, hei, Hongerlidder! Hei hues de alles erêm, a bau honnert Scheieren! . . . A wuerfir sollte mir net unhuelen, wät en ons vum Herzen ubitt, ech wëßt giren dei Grund? . . . Mir bezuelen him jo den Interessi. . . . (*D'Julie wënk't nën.*) Da loße mer ons le'wer d'Haus iwer dem Kapp verstêen, dat aß besser, net du? A fir en Apel an e Stëck Bro't, mungs de net? . . . A loßen ons derbei nach auslâchen! . . . A wuerfir? Ah, well mer ze gro'barteg wëlle sin, an de Kâppche voller falsche Stolz hun. (*D'Julie hëllt s'ëm den Hals.*)

**Julie.** O Mattant! (*Kreischt.*)

**Nann.** Nujê, loß dach laß, du Töz, hei kënnt êmescht!

## 8. Optrëtt.

(*Iwerdêm daß d'Julie sech laßrappt a fortlëft, trëtt de Schlëckjang erân; eng nei blo Schib, e ro'd Gesicht.*)

**Schlëckjang.** Bonjour! . . . (*E sët:t sech schwe'erfüllig op e Stull a wëscht sech de Schwë's.*) E Pâtiche Wein, Madam. (*Paus.*) 'T aß sche' Wieder haut. . . . 'T wârd dach och hâlen, denken ech . . . De Brometer gêt eng kleng Grimmel an d'Luecht. (*D'Nann setzt de Pâtiche virun en.*) Mä . . . ech hätt nach ewell e Wierchen apart matt iech ze kallen, Madam.

**Nann.** Gene'ert iech net a loßt laß.

**Schlëckjang.** Mä. (*E krâzt sech, wo'bei hien den Hutt op der Kopp behält.*) Mä, elo . . . 't wâr dat hei. . . . (*En hëllt e klenge Schotz vun Zeit zu Zeit.*) Ech hun alt des ganz Woch de' Affär bei mer erëmgedron, an ech sot mer . . . well der jo dach eso' schlecht dru sitt. . . . 'T verdre'ßt iech dach secher net, Madam, wann et gesot get. . . . An d'Onglëck vun den ärme Leiden pakt ên alt e bëßchen un, verstitt. . . . Do duecht ech, schrâk mol dohin, de' Sâch ge'ng sech lo vleicht mâchen . . . mam Froe vermecht ê jo neischt — wann dir dermatt äverstân sitt, natirlecherweis. (*En drënk't.*)

**Nann.** Et dauert rêm lãng bis en seng Lätz (= Lektio'n) erof geknât huet!

**Schlëckjang.** Dir mußt net gleich denken, ech wâr on-i'ewen; oder ech ge'ng drop aus, fir iech mam Hals ze huelen, beileiwen net. . . . Mä, mer de'ten bis bei de Notär schrâken . . . dir hängt jo bei him, ênner ons zwê gesot, mat en Dausender ächt bis ze'ng. — A mer de'ten ons Heiser openê vertauschen! . . . Verstitt, e gudden Tosch aß besser ewe' eng môr Verstê! . . . 'T aß äwer net we' wann ech de't e sëllechen drop hâlen. Mei werrech, nën! . . . Dir kre'gt enger Dausender sechs drop eraus, vleicht och eppes me' . . . dat ge'f sech fannen, a mer gin net onëns. An dir kënnt är Schold bezuelen. . . an derbei ganz gemittlech a gemellech a mengem Haus bei der Brëck den Zâp virunhâlen; der hätt êmmer Zo'fall genug do. Dir mußt jo

un eppes liewe schließlech. . . . Iwerlèt iech d'Säch, Madam, 't eilt jo net . . . wät mengt der?

**Nann** (*präzis*). Dann aß et ewell eraus an der sitt matt iech êns. . . . Abeng, da soen ech iech, och elo meint: Ech mengen, all ärt Gespröchs aß domm Gedêßems, an 't sollt ên sech mol net ên Ablack dermatt ophâlen. Dir an ärt Susann, mâcht iech allebe'd iwer ons Affär kê Kappzerbrieches a schlecht Geblitt — an och keng Illusio'nen! verstitt der dât? Ons Sâch aß a gudden Hânnen . . . an hei get neischt verstêt!

**Schlëckjang**. Ma regt iech dach net onnëtz op a behâlt ärt kâlt Blutt. . . . Dir wëßt ganz genê, wann d'Dirwiechtere eppes önnert d'Gräpp kre'en, da laxe'ert et. . . . Frot emol den Här Nêlech. . . . Nujê, ech wëll neischt gesot hun.

**Nann**. A repete'ert och keng Silb me' dervun. soß gin ech heftog.

**Schlëckjang** (*kuckt op seng Ribb*). O', re'scht so' spe't . . . 't kënnt ên nach grad eso' gutt an d'Vesper gon. Hei si sechs Su. (*Werft se duer.*)

**Nann**. E kascht der zwielf . . . iwerall am Duref . . . kuckt net eso' gele'ert drân! 'T geseit ên, daß der well an drei Me'nt net me' bannent enger Wirtschaft wort.

**Schlëckjang**. Oh, eso' lãng soll et dach net hir sin. . . . D'Wirtsleit klammen all Ablëck an d'Luecht . . . de' huelen et och vun dêne Liewegen! . . . (*E grimmet an den Tüsch.*) Da kritt der de Rescht de' nächste Ke'er. Arvoir!

**Nann**. Au revoir, Här Schlëckjang, 't sin der och nach z'eng vun der leschter Ke'er; do so'tzt der.

**Schlëckjang**. Ech wës, ech wës — se entgin iech net. (Of.)

### 9. Optrëtt.

**Nann**. De' Ke'er schlëckst de áwer nach neischt, mein Alen. . . . Sei Susann hât him nuren sechs Su an de Portemonni gestach. Dên Tinnes, am Enn ditt en nach giren hei zâpen! Dên hannert engem Comptoir, dât wär et! . . . Gemelleg a guer net deier. (*Bei der Dir.*) He Julie! . . . Julie! (*Julie kënnt erân.*) Wës de, wät dê wëllt.

**Julie**. Ech woßt et scho gësch. . . . D'Susann mengt, et kënnt en net fêlschloen an 't wär schon Här a Mëschter am ieweschten Dueref.

**Nann**. We' en dât ausgefiedermechelt hât, dê Lûsfischen! . . . Ha, wann dât ge'ng. . . . Schmandbiren och! — Julie, lo hëscht et sech gutt gehâle mam Här Frank, dêm eleng hâllt ons Konnen an der Richt. . . . Mir bezuelen hinn seng Zënsen grad eso' wuel ewe' dem Nêlech . . . wät wârd dên eng schneiden, et dêt mer scho viraus gutt. . . . An ech fille mech 20 Jor me' jonk. . . . A mer schaffe partout, we' dei Mononk sêt, 't aß jo fir dech, mei Kand . . . an desmols schwamme mer nach net d'Bâch ân!

**Julie**. Mattant, ech hun iech d'e'nescht eppes verhêmlecht.

**Nann**. A wät dann? . . . Du baß secher nach deng Wanterhitt schëlleg!

**Julie** (*lâcht*). Gott sei Dank sin se bezuelt! Mä 't aß dât hei: den Här Frank huet mer klor ze verstoe gin, daß e mech gire geseit . . . an daß en —

**Nann** (*ënnerlech voller Frêd*). O brâwen hêlegen Antoni . . . durop get et eng dëcke Kierz. . . . Ah, duerfir hât en sech verbabbelt a mech mat Mattant ugeried, dê Schaus! Dueriwer lêßt sech schwätzen, mei Kand . . . dât do ka sech mâchen.

**Julie**. 'T mecht sech op kê Fall, Mattant.

**Nann**. Op kê Fall — dât aß dëck! . . . Hues de engem âner versprach? (*D'Julie wënkt nën.*) Abeng? . . . da wëßt ech gir, wät fir en Hoken drun aß. Kanns d'en dann net leide, vleicht? . . . Aß en der net sche', net reich genug? 'T aß e schicken, dichtege jonge Mann, dên all Mënsch luewt, aus gudder Familjen. A wann e mech froen de't, ech he'l en direkt, op der Minutt.

**Julie**. Ech kann en och gutt leiden . . . an hun e wirklech gir . . . zënter enger Stonn, wo' ech en ere'scht richteg kennen a schätze gele'ert hun.

**Nann**. Maijëmme! da kënnt der jo haut den Owend bei den Här Pasto'er gon!

**Julie**. Ewe' ech âgesin hun, ewe' gutt a verstänneg hie ge'nt mech wor — an ech en eidelt, opgeblosent Stëck. Onst Onglëck huet hien net verdriven ewe' de' mëscht

âner . Ech hun e giren, ganz giren. . . mä, well dat oso' aß, därf ech mech net mat him bestueden.

**Nann.** Nu he'er âwer ê Chrëschemënsch eso' onnëtz Gespre'cher! . . . Wât fir Caprio'len! . . . Dat do sin eso' Spichten ewe' de' jong Médercher se an den Zeidongsromanen glannen. «Teuerster Arthur, oder Eduard, oder Hellwig, wie lieb du mir bist! — aber!» — Ech wor och êmol vun dêr Kränkt ugestach. . . . Fort mat dëne Firlanzanzen: wanns de hie giren hues, da kre's de hien och. Loß mech gewârden.

**Julie.** Nën.

**Nann.** Tët!

**Julie.** Au dat aß mei lescht Wuert.

**Nann.** Dann hält de hoffentlech och domat stëll. 'T aß bäl wo'er, wât me' ârem, wât me' Tuppi!

**Julie.** O Mattant, der donkt mer we' . . . ech verde'ngen et net. (*Wërft sech an d'Armen a kreischt.*)

**Nann** (*sicht ze zëssen*). Allez, allez. . . nu sief weis, Juliechen . . . 't wor mer net eso' gemengt, du kleng, domm Tôz; 't aß mer eso' entfuer. . . . Dengetwegen hun ech mech net me' bestued, geseis de. . . An ech duucht, ech kënnt enges Dâgs bei dir sin an denge Kënnercher de Brei gin.

**Julie** (*lâcht a wëscht sech d'Tre'nen zugleich*). Nujê, du, dat gese'ch ech och giren, dech mat engem Breileffelchen!

**Nann.** Du kleng, le'f Hexelchen, ech hun dech gefiddert, an du hues mat Hän a Fe'ß geschafft, wann et iwer d'Namsen hircângen aß. . . Du breichs nuren ze wëllen, da gese'ge mër et nach ewell me' geschwënn ewe's de mengs.

**Julie** (*hâlt hir de Mond zo'*). Papperlappapperlapa! an elo aß d'Sëchen aus.

### 10. Optrëtt.

**Pir** (*irgerlech*). A wat aß dat fir en Zerleckes elei an offener Wirtsstuff, wann d'Leit iech gese'gen, ditten se son, dirr wârd net grad liwereg.

**Julie** (*gët op en zo', sëtzt sech bei en op den Dësch an hémelt en, hie wiert sech eng Grimmel*). Böö . . . böö . . . böö . . . du uerge Monni . . . Wës de wât,

Monni, lauschter mol gütt (*sëtzt sech op sei Scho'ß*). Packs de mech och nach? . . . Also, lo gin ech no Bre'ßel, oder nach besser, no Pareis fir Gouvernante, he'ers de? . . . Ech gewannen ëmmer meng 80 bis 100 Frang de Mont. . . Den Owend nach schreiwen ech der Germaine, menger Frëndin. . . A wann ech dann emol zu Pareis op menger Plâz sin —

**Pir** (*batter*). Da schëckst de ons den Eiffeltur, fein a Postpobeier âgewëckelt! An da gës de reich, reich, a firs an de Kutschen am Chalizy (= Champs Elysées) a ble's dech op grad ewe' onsen Australier!

**Julie.** Nu bleif âwer weis, Monnes, soß son ech der et. . . Soß stellen ech dech an den Eck! . . . Wës de nach, we' ech kleng wor a mat iech Scho'l gespilt hun, mat dir an der Matti. An du hues ëmmer d'Po'te kritt, a baß ëmmer hannert d'Dir an de Motzeck geschëckt gin.

**Nann.** Du wor en och nach me' mënscherlech.

**Julie.** A wât huet en sech vermâch a gehault! Lâch och!

**Nann.** Mengt ên, en hätt partout e Flëschgrëf ofgeschlëckt!

**Julie.** Jo . . . du be'se Lappes! du hues dech des Dëg och nëmnen eso' gestallt, bekenn d'Farf! . . . 'T huet mer wirklech lëd fir dech gedon.

**Nann.** E gët doerëmmer we' e gestachene Bock!

**Pir.** Der Jomer net nach! ech si mei wârrech gestach genug!

**Julie** (*spüßig ârtleg*). Au au . . . we' d'Blutt gestrant kënnt. (*Mecht mam Fanger we' wann et hie ge'ng an den Hals stiechen.*) Beeks . . . beeks!

**Pir** (*muß lâchen*). Du ârem le'f Hex . . . Komm hir. (*Emärbelt se.*) Ons sche'n Dëg sin erlânscht.

**Julie.** Mir musse secher schwârzen Hunger leiden a buerfe'ß läfen.

**Pir.** 'T kënnt vloicht nach so' weit!

### 11. Optrëtt.

(*Zwë Gäscht, dann ên, dann drei.*)

1. (*zum 2.*) Ech son der et, lo brëngen se d'Pulter jo schon.

2. Mä, so stongen elofirenst dach beim Felten donidden.

**Pir.** Vivun onst Haus!

1. 'T ka jo kè Mënsch sech do hannen re'eren. . . Lei kommen d'Musikanten. . . Wät huet de Je'ß e Gesicht.
2. We' e mam Scho'lle'rer dëdegt!
3. Wuerfir wollten se dann do enne spillen?
2. Dät hätt nach gefëlt. . . . 'T wor ëmmer e Privilësch vum ieweschten Dueref.
3. 'T aß nach all sei Liewen hei gespillt gin.

**Pir.** 'T sin elo keng Sue me' ze erwarden vum Australier . . . de Felten wärd hinnen 100 Frang d'Jor versprach hun. (*De' fënnel lächen.*)

4. Dën! . . . ojo, 't aß dën echten! (*Tuten vun engem Automobil.*)

2. D'Jonge woßten en et alt net besser. . . . 'T sin der jo ëmmer e puer ënnert der Band, de' mengen, se mißten och mol un d'Rudder kommen an eppes ze ordene're kre'en. . . .

5. (*bei der Fëenster*). Donner an Jöft! de' werden dach net mat dem Auto durch d'Leit rennen?

4. Hälls de stall, du Zarahbina! . . En iwerrennt nach onse Klëschen. . . Donnerknippchen, eso' Kirilen sollten an den Dukas, eleng fir de' Angscht, de' mer mat hinnen ausston. (*All bei den Fënstere.*)

5. Mä, se werden dach kën iwerfuer hun! . . Wuerfir hâlen se?

3. Elo muß eppes geschitt sin . . . wät e Gedëngels ëm dën Auto!

2. Loße mer bis dohin läfen.

5. Se sin rëndëm den Här vum Auto. . . . Well klëmmt en eraus. (*Fort. 'T he'ert ën eng Tusch.*)

**Pir.** 'T wärd wuel onse neien Depute'erte sin. De Virwëtz stëppelt mech och. (*E gët dënen änren no.*)

### 12. Optrëtt.

(*D'Mattant an d'Julie.*)

**Nann:** Loße mir, de' den Nuem vum Virwëtz droe musen, verstänneg sin an hei bleiwen. . . Gescis de nun äwer, den Här Frank! Hun ech der net gesot gehât? Dën brëngt et fierdeg, iwert d'Kopp ze sto'ßen, wät

en ettlech Nastertinnessen mat viller Me' opgeke'pelt hâten. . . A wanns de der dën net op eng Seit mechs, da bas de me' domin ewe' en Henkel!

**Julie.** Dorvu schwätze mer jo net me'. An lô gin ech mei Bre'f un d'Germaine schreiwen. Ech schëcken iech all Sichen, dën ech verdëngen, Mattant.

### 13. Optrëtt.

(*De Pir eragestirmt, we' außer sech; hie reißt d'Julie vun der Dir eweg.*)

**Julie.** Mä, Monni!

**Pir.** O, dät do aß net erlâbt. . . 'T aß einfach onerheert! 'T aß jo fir partout den Tommel ze kre'en. . . Ech packen et net. . . . 'T aß zevill kromenalesch!

**Nann.** Dum hâl mol op an hief eng verstänneg Ried!

**Pir** (*hippt nach ëmmer doerëmmer*). Wëßt der wien an dëm Automobil aß? . . Ah, der rod et zerläppcheszeliewen net.

**Nann a Julie.** Da loß ons net vergaddren a sot et. Loß ons net eso' läng zabbelen.

**Pir** (*platscht eraus*). Ären Australier! dën aß et. . . . da wëßt der et. . . . dën ewell we' läng dohanne begruewen aß! (*D'Fräleit sin iwerrompelt an we' erschlon.*)

**Nann.** Du wärd's dach gedëft sin, Pir!

**Julie.** Mäch kè Spunnes mat ons, Monni.

**Pir.** Krenillmateng! . . . Soll och da vum Lämmes gebaß sin? . . . . Gitt kucken, da gesitt der et. . . . (*Lächt.*) Dät do hätt ech mer direkt denke kënnen. Dën a begruewen! . . . maija, hie mißt och alt derbei sin. . . . Ongkraut vergët net. . . Dën an do't! . . . So' we'neg we' Millesch hiren âlen, rowege Kueder! (*Erëm en Tusch, Bravoruffen. De Pir lächt.*) Blost nëmmen, Jongen, daß d'Bâken iech baschten: Et aß en! 'T aß onsen Australier, an dë leibhaftegen! (*Wo' de Pir sët, gitt selwer kucken, sin d'Fräleit ausgängen.*) Mä, wärt, huet den To'ni net nach onsen Do'debre'f? (*E juppt zur hënneschter Dir aus; den Australier, d'Nann an d'Julie zur Hâpdir erân.*)

## 14. Optrëtt.

**Nann.** O du! . . . Adolf . . . Adolf! (*En drëckt se u sech.*)

**Julie.** Mä du baß mer e Sche'nen, du kënns o'ni ugemellt!

**Australier.** A we' gët et iech, Kanner? Nanni, meng ênzeg, le'f, gutt Schwester! An dir, Kand? We' gro'ß bas de gin. . . A we' ech fortgong, so'tz de op menger Schwester hiren Scho'ß an hues den Engelcher gelächt. (*Drëckt se un sech.*) Du kleng, artlech Zockerse'lchen, nach me' le'f lieweg ewe' op de Porträen. (*Kuckt se allebe'd drolleg un.*) Hei — a wuerfir sitt der allebe'd schwärz ugedon? . . . 'T aß dach kën an der Familgen gestuerwen, so' ech wëßt? . . . Mei Gott, de Monni Pir wärd dach net? . . . et get mer op êmol so' Angst . . .

**Pir** (*aß iwerdêms erëm erakommt*). Nè, mei Jong, elei aß en. . . (*Get em d'Hand. kâl.*) Ongkraut vergët net so' rasch.

**Australier.** Aß dät deng ganz Begre'ßong. Ech duecht, du ge'ngs we'negstens de Koplabung schlön. . . A wät fêlt der. äle Flautert? . . . Gelt du baß be'ß, daß ech erëm hei sin? (*Lächt a klappt him op d'Schëller.*) Wät hu mir zwê der matenè gesticht, me' aß ès hun ech do iwer missen drum denken.

**Pir.** 'T sche'ngt, du stichs der nach haut.

**Australier.** Ech?

**Pir.** A we'ne' solls de mol weis gin! Wann èn do't aß ewe's du. da soll èn et och fir iescht sin!

**Australier.** Ech verstinn keng Silb dervun. (*Zum Nann, ewe' de Pir de Rëck dre't.*) Aß e vleicht e bëßchen . . . e . . . tückelech gin, Nanni?

**Pir.** Krenondikábes. . . Mir hätte bäl Ursäch un dengem klore Verstêsdemech ze zweiwelen. . . Kuck mol hei, wät mer geschëckt kruten: dein êgenen Do'debre'f! (*Récht him en.*)

**Australier.** Mein Do'debre'f, a wät hëscht dät? (*E kuckt en Ament, da schlé't en hårt un ze lachen.*) Wät eng Ide'! Dät do woßt ech jo mol net, daß se dir dät hei

geschëckt hätten, de' Flauterten! . . . De' do aß gutt, dir Spáßvigel! . . . Wärt, du zackertjöffnen Buchdrëcker.

**Pir.** A wät soll et dann eigentlech duerstellen?

**Australier.** E Jux aus mengem Club, weider neischt. . . Do hun se d'Fuesend mein Abschied gefeiert. . . An hun se mech regelrecht begruewen, als Australier natirlech, well och net me' hannescht gin. . . Onsen Sekretär aß aus der Fielz, e Buchdrëcker an e Flitto seng Bën aus. . . Dêm hun ech all Bre'we vum Monni Pir virliese missen. (*Pir mecht e be'st Gesicht.*) Jo, well se woren all echt. Mir hun ons dack gebrullt vu Lâchen. . . So' hues du, o'ne' mei Wëssen, de' lettre de faire part, grad ewe' all meng Clubbidder, zo'geschëckt kritt, aus Witz. . .

**Pir.** Eso' Witzen sin alt e Meifelche stârek, mengen ech!

**Australier.** Mä, dir hätt dach direkt hei kënne liesen. . .

**Pir.** Ärt lo'der Englesch?

**Australier.** Get dann hei an de Scho'len nach kën Englesch gele'ert?

**Pir.** Einstweilen nach net — eso' weit ware mer nach net. . . Wanns du vleicht mol Unterrichtsminister am Land ges. . . Nujê, d'Hâpsäch aß, daß de nach um Liewe baß. . . 'T kann engem am Liewen bäl neischt Schroeres zo'sto'ßen ewe' ze stirwen. Mä, wucrfir net selwer e Bre'f oder eng Kârt schreiwen.

**Australier.** Well et mer en apartie Spáß mecht, iech iwer Hals ze trëllen. Eigentlech woßt ech selwer net, daß et so' se'er ge'ng. . . Lo sin ech hei, an aß dann eppes gebrach?

**Julie.** Jo, Mononk Adolf, we' gutt daß de erëm baß.

**Nann.** Gott sei Dank, daß mer dech rëm lieweg bei ons hun.

**Pir.** Ja, a wät wëlle mer dann hei ufenken?

**Australier.** Mä, meng Rente verziieren, mein Alen. A mir v'er müssen âl drum hausen, mengen ech, fir se all Jor reng ze kre'en.

**Pir.** Renten!!! Wann dêm do keng Zill op de Kapp gefall aß, dann hëschen ech Fritz!

**Nann** (*wënkt dem Här Frank bei der Dir an huet de Bre'f erëmkrut*). Fir aus allem Deischter erausze-

kommen, Adolf, erklär ons och nach dat hei. . . .  
Wät hêscht dest Schreftstôck? mir hun net ânescht ge-  
duecht, 't wâr alles doiwer verschëllt, an Null bei Null  
ge'ng op.

**Australier** (*verwonnert*). Dê Bre'f aß jo u mech adres-  
se'ert . . . do hätt der dach gleich können denken. . .

**Pir**. 'T huot ên ewell allerhand me' drolech Sâche gesin. .  
Ech hun dat Dëngen dach missen opmâchen.

**Australier**. An dann? . . da fand der d'Bilanz vun engem  
vu mengem Agenten, dën e puer ârmse'leger Hektar  
Wêdland verkâft, a mer fir d'Geld Wertpobeire geholl  
huot. . . D'Zënsen si jo un eng Bre'sseler Bank uge-  
weisen . . . dat aß dach einfach we' êmol ênt. . .

**Pir** (*klatscht an d'Hänn*). A klor ewe' eng Spedolszopp. .  
A secher! . . (*En hëllt dem Australier seng Auer-  
ketten.*) Aß dat hei puer Gold?

**Australier**. Ech denken jo . . . we'negstens hun ech  
derfir bezuelt a losse mech an dêm Artikel net licht  
uschmiren. De Gued vun deser Auer hun ech dobau-  
ßen a mengem Koffer, nâmlech fir dech. (*E gêt bis bei  
d'Fenster a peift durch Fangeren oder d'Zänn.*) A wann  
se eng Minutt am Mont fir oder no gêt, da kanns de se  
widdorrt eng Scheierpârt klâken. (*Zum Nann a Julie.*)  
Fir iech eppes Richteges ze fannen, huot me' schwe'er  
gehâlen . . . . ech hun iech sechshönnertelê mat-  
bruecht, wât iech net gefällt, schmeißt der eweg.  
(*Lâcht. En Negerboy, flott ugedun, kënnt mat enger  
Liedertâsch, grinst.*)

**Pir**. A wât fir eng Mißgebuert aß dën lo?

**Australier**. Onse brâven Teddy, mei Borscht. Senges-  
gleiche fand der net, so' trei a beflassen! en aß sei  
Gewicht a Gold wiert.

**Pir** (*zur Seit*). Da verke'f ech en op den Ablack!

**Nann**. O, wât e Le'wen! (*Se get him eng Bês.*)

**Julie**. O wât e brâve Kirelchen, mir hâlen en!

**Pir**. Abeng nën . .

**Australier**. Abeng dach, wann hien nëmnen de Klima  
verdre't.

**Pir**. Dann aß en alt gutt fir Chrëschdâg an d'Kirch bei  
d'Krëppchen. (*Virum Adolf, rëselt him d'Hänn.*) Du  
. . . du . . . baß mer âwer dë rengsten Australier.

(*'T si Leit no an no erakommt, d'Nann an d'Julie zer-  
we'ren.*)

**Australier**. Gewiescht, mei Beschten! . . Lo sin ech  
rêm Letzebuenger . . . a Letzebuenger bleiwen ech bis  
an d'lescht Fues vu mengem Hierz. . . An du Julie,  
komm emol hier: Ech gese'ch giren de jonge Mann,  
dëns de ênnert allen ausgezêchent hues mat dënger  
Le'ft . . . daß ech him kënnt an d'Ae kucken an him  
d'Hand gin a soen: «Ech, de Mononk, huelen iech un!»  
well ech mengen, du hâs gutt gewielt. (*D'Leit un den  
Dëscher pësperen, e puer lâchen.*)

**Eng Stëmm**. Wo' aß dann de Jäng?

**Eng âner**. Dajê. Pôl, erbei.

**Eng âner**. Komm, Jäng, da klêcks de dem Petter!

**Julie** (*trëtt bei de Frank*). 'T aß kê Jäng a kê Pôl. . .  
De Joug, dëm ech oprichteg zo'gedon sin, dë meng  
ganz Le'ft verdengt, dëm seng Le'ft ech ere'scht ver-  
denge muß, dat aß den Här Frank.

**Nann** (*späßeg*). Mâ du kanns nach well gutt Verstoppes  
spillen. (*D'Leit sin erstaunt an tuschelen ênnert enën.*)  
Ech gratule'ren!

**Australier** (*rêcht him d'Hand a kuck en an d'Aen.*)  
Frank, wann ech richteg he'ren . . . wëllkomm, vu  
ganzen Hierzen. Dir hutt d'Dirigentekâp op, sitt also  
musikalesch. A vu Professio'n?

**Frank**, scholle'rer hei am Duerf. . . . A wann de'  
zwê Schreiwen mir e'schter ênnert d'Fangere komm  
wären amplâz virun enger halwer Stonn, da wâr secher  
de' onsenne'g Verwieselong ênnerbliwen.

**Australier**. An 't hätt kê Mënsch mech fir do't gehâ-  
len! Dat do mecht mer wirklech Spâß. Ech wette  
matt, de' do huot de Ruppesch To'ni geholleft liwren!

**Pir**. Wo' aß dann dat gesënt Licht vun To'ni?

**Stëmmen**. Dat aß de Missetâter! — Dê wor et! — To'ni,  
lâf dach net fort, du âlen Dolmetscher! — Kuck, we'  
en ublockt! — E lêft hêm sein Hexebuch sichen! —  
Oder seng 366 Saleften! — Hei aß ên, mat dëm kanns  
de richteg Englesch kallen! — Elo aß en durch d'Rei-  
ser! . . .

**Pir** (*lëscht eg*). An elo gêt de Concert un, dir Häre Musi-  
kanten! Jidderên op sei Posten. . . An ech ze'e meng

Wieder ge'nt dat verfluchte Land z'rëck. . . Vive Australien!

**D'Leit** (*ausgelossen*). A vive onsen Australier! Vive den Adolf, vive, vive! (*Vill kommen him d'Hand drëcken.*)

**Australier**. Merci, meng àl Frënn an Duerfleit. . . .

'T aß mei wärreg sche'n an Australien, mä ne'rends besser «a me' hëmlech» we' am Letzeburger Land. Mat wât fir enger Andacht hu mer alle Ke'er dem Lentz sein allerênzecht Lidd gesongen. . . Nu wuel, nom Concert sitt der all meng Gäscht hei, neddu, Nanni?

**Nann**. Fir d'Hâmeschmieren loß mech suergen. . . 'T sin nach keng drei Schnëppelcher vun der O'schterhâm erof. . . .

**Australier**. Vive de' àl Letzebuenger Gemitlechkêt, vive e freit Letzebuerg an all seng trei Kanner!

(*D'Musek hu ugefäng ganz piano d'Uelzecht ze spillen; all an der Stuff donken d'Hitt an d'Kâpen of . . . se sange mat vum Vers un:*)

Du hues ons jo als Kanner schon  
de freie Gëschtt jo gin:

Loß viru blenken d'Freihëtssonn

De' mir so' lång gesin!

(*D'Julie an de Frank stin an der Mëtt; den Australier an de Pir op enger Seit, d'Nann op der âner Seit vum Julie. Minnespill tëschent hir an der Nies, we' wann d'Nann wëllt soen: Wârt du Kâz. . . D'e'nescht hues de dech vermâch a gestallt we' eng Sainte n'y-touche.*)

RIDO.



# Alle Druckarbeiten

**Einladungen**

**Programme**

**Tombola-Nummern**

**Tanzkarten**

**Eintrittsbillets**, numeriert, perforiert  
und geheftet

**Kuverts** mit und ohne Druck

**Papier** mit und ohne Druck

**Plakate**

**Visitkarten** usw., usw., usw.

liefern wir schön, schnell u. preiswert

---

## Pariser Gummistempel

in 8–10 Tagen lieferbar

---

## Stempelkissen

in verschiedenen Größen und Farben auf Lager